N°
Entrée le 04.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 04.03.2025 wéilt ech der Ministesch fir Gesondheet eng mëndlech Fro stellen.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°1655 huet d'Ministesch op eng staark Augmentatioun vun der Unzuel vun Orthophonisten hei am Land higewisen an dass hir keng Donnéeën iwwert eventuell Waardeléschten an de liberale Cabinete vun Orthophoniste géife virleien. Obwuel Lëtzebuerg bei den Orthophonisten eng Croissance vun 157% verzeechent, hu mir mat 1 Orthophoniste pro 6800 Awunner am Vergläich zu Frankräich (1 Orthophoniste pro 3501 Awunner) oder der Belsch (1 Orthophonist pro 1641 Awunner) nach ëmmer ze wéineg liberal schaffend Orthophoniste. An engem rezente Bréif vun der Association Luxembourgeoise des Orthophonistes, deen och un iech als Ministesch geschéckt gouf, gëtt awer dorop higewisen, dass et grad bei liberalen Orthophonisten, déi eng Autorisation d'exercer hu fir an der Lëtzebuerger Sprooch ze praktizéieren, ee grousse Manktem gëtt. Grad hei géifen et méintelaang Waardeléschte gi respektiv et géife keng nei Patiente méi ugeholl ginn. Fir déi betraffe Patiente kann dëst ganz grav Auswierkungen hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Madamm Ministesch dës Fro stellen:

Wäert sech d'Ministesch mat der Association Luxembourgeoise des Orthophonistes zesummesetzen, fir méi konkret iwwert d'Problemer ze schwätzen an no Léisungen ze sichen?
Ass d'Ministesch der Meenung, dass mir genuch Orthophonisten hei am Land hunn, obwuel mir am Vergläich zu Frankräich oder der Belsch däitlech méi Awunner op een Orthophonist hunn?
Ass der Ministesch d'Problematik bekannt, dass vill Orthophonisten, déi an der lëtzebuergescher Sprooch dierfe praktizéieren, ganz dacks net méi liberal, mee an d'Centres de compétences an domat am ëffentleche Secteur schaffen, wat zu den ugangs genannte Problemer gefouert huet?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten